11. FAIR PLAY-Tour der Großregion 2009

300 junge Europäer sind am Start

800 Kilometer per Rad liegen vor 300 Jugendlichen und Betreuern aus vier Ländern, die vom 26. Juni bis 04. Juli 2009 in die Pedale treten. Bei dieser elften „Fair Play-Tour der Großregion“ sollen die Jugendlichen, so die Ziele der Veranstalter, für Fairness, Völkerverständigung und Gewaltfreiheit in Sport und Gesellschaft sensibilisiert werden.

Im Jahr 2009 führt die länderübergreifende Tour über 800 Kilometer durch die Großregion – durch Belgien, Luxemburg, Frankreich, das Saarland und Rheinland-Pfalz. Gestartet wird am 26. Juni in Hachenburg, weiter geht es über Bonn, Köln, Schleiden, St. Vith, Vianden, Diekirch, Lultzhausen, Arlon, Schengen, Thionville, Merzig, Saarbrücken, Saargemünd, St. Wendel, und Mandern zum Zielort Schweich, wo die Jugendlichen am 04. Juli um 15.30 Uhr im Schweicher Stadion erwartet werden.

Außerdem sammeln sie für „Eine-Welt-Projekte“ der Deutschen Welthungerhilfe sowie des Ministeriums des Innern und für Sport im rheinland-pfälzischen Partnerland Ruanda. Auch unser Sportlehrer Jhemp Ernzet setzt sich seit drei Jahren in Ruanda ein, wo er dem immer beliebteren internationalen Lauf in der Hauptstadt Kigali organisiert. Mit diesen bei „LebensLäufen“ erlaufenen Geldern wird das Bemühen des Sports, der seit 1982 in Ruanda mit vielfältigen Maßnahmen die sportliche und schulischer Infrastruktur verbessert, sinnvoll ergänzt.

Parallel zu dieser Radtour haben Schulen und Vereine die Möglichkeit, sich an den sogenannten „LebensLäufen“ der Welthungerhilfe zu beteiligen und damit weitere Gelder für Projekte in der dritten Welt durch sportliche Leistungen einzunehmen. Persönliche Sponsoren und Paten zahlen dabei für jeden Kilometer in die Spendenkasse.

Seit 1999 sind so bereits 1.500.000 € von über 130.000 Kindern und Jugendlichen gesammelt worden.



In Diekirch im LCD-Hof, in der rue Jos Merten, wurden die Teilnehmer und ihre Betreuer, allen voran Klaus Klaeren, Herbert Ehlen und Camille Dahm vom Bürgermeister Jacques Dahm, Direktor Robert Bohnert und Jos Eilenbecker willkommen geheißen.

Nach einer großen Duschaktion hatten sich alle ein Abendessen im Schulrestaurant des LCD verdient, welches von der Gemeinde Diekirch angeboten wurde.

Für die Betreuer gab es danach den Ehrenwein im Gemeindehaus wo der Bürgermeister die Organisatoren ermunterte im nächsten Jahr wiederzukommen und zum Jubiläumsjahr von Diekirch eine Rundfahrt mit Etappen im den mit Diekirch verschwisterten Städten zu organisieren. Diese Worte fielen auf offene Ohren.

Alle Teilnehmer übernachteten in der Sporthalle des LCD. Am folgenden Morgen bot das Restaurant des LCD-NB das Frühstück an. Für beide Mahlzeiten zeichnete die Kochéquipe vom Restopolis unter der Führung von Frau Maryse Kollwelter verantwortlich. Ihre Koch- und

Organisationskünste wurden von allen Radtourteilnehmern gebührend gelobt.

An dieser Stelle möchten wir allen für ihren Einsatz, für ihre gelebte Solidarität, ihre Freundlichkeit, ihre Freundschaft, ihr vorbildliches Benehmen danken.

Tags darauf gegen 9.30 Uhr verabschiedeten die Schuldirektion die jungen Radfahrer (innen) die Betreuer und ihren Troß.

Gute Fahrt und auf ein nächstes ...

Jos Eilenbecker

Planzaktioun



Fréijarsbotz vun de Saueruwänner

Den 28. Mäerz hunn di Dikricher Sportfëscher, ënnerstëtzt vun e Puer Fëscherkollegen vun Colmar-Bierg an Ettelbréck, di schonns traditionell Fréijarsbotz ofgehal. Di a 4 Gruppen opgedeelten Sportfëscher hunn di zwee Sauer Uferen vun der Angelduerfer Bréck bis bei d'Gilsdrëfer Bréck an dat riets Ufer vum Reisduerfer Foussballfeld bis bei d'Bréck vun allerlee Offäll, meeschtens Plastik, Fläschchen a Béchsen gebotzt. Deen a Säck agesammelten

Dreck ass duerno op e Gemenge Camion gelueden an ëmweltfrëndlech vun bénévolen Gemengenaarbechter entsuergt ginn. Wi all Jar ass de meeschten Offall bei de Brécke fond ginn, di eis Stodenten um Wee vun Dikrich an d'Schoul passéieren!

Di Dikricher Gemeng, di voll a ganz hannert dëser bénévoler Botzaktioun steet, huet dunn och duerfir gesuergt dat Sportfëscher sech no der Botz bei

engem Maufel an engem Patt erhuele konnten. De Buergermeeschter Jacques Dahm huet sech och d'Zäit geholl a war präsent fir den ëmweltbewossten Sportfëscher fir hir bénévol Aarbecht Merci ze soen.

Nic Krings

Exposition Grosbusch-Djordjevic

12 juin 2009



Jugendnews aus der Nordstad

Bal 500 Leit haten sech den 13. Juni 2009 op der „Lëmmelspaatz“ zu Dikrich Rendezvous ginn. Di eng fir sportlech aktiv ze sinn, di aner fir einfach nëmmen nozekucken. Déi 11ten Editioun vum „Dikricher Sportsdag“, di no 2008 fir di 2ten Kéier hannerteneen zesummen mat der Initiativ „Lëtzebuerg beweegt sech“ organiséiert gouf, wor fir di Responsabel vum Dikricher Jugendhaus e grouse Succès. Och dëst Joer gouf eng grouse Palette u verschiddene Sportarten ugebueden. Nieft deenen traditionellen Disziplinen wéi Streetsoccer, Beach-volley an Streetball konnt een sech och fir de Laf-, Vélo- an Nordic-Walking-Parcours aschreiwven. Insgesamt haten sech iwwer 40 Equipen ageschriwwen; dee jéngste Participant wor dobäi 8 Joer deen eelsten 56. All Participant krut dann och als kleng Souvenir en T-shirt vum Evenement



geschenkt. Den Spaass stoung dee Samschden ganz kloer am Virdergrond, well Arbiteren gouf et an deene verschiddenen Tournoi'en keng, all

Sportler sollt deemno fair mat senge Géigespiller ëmgoen. Ganz extra Animatiounen gouf et; eng Capoierra-Show an den aktuellen däitschen Champion, souwéi den Vize-Champion am Flat-BMX hunn spektakulär Stunts op hiren BMX'en virgefouert. Enger 3ter Collaboratioun tëscht dem „Dikricher Sportsdag“ an „Lëtzebuerg beweegt sech“ steet also näischt méi am Wee; de Rendezvous dierf een sech elo schon am Agenda markéieren, wann dann den 12. Juni 2010 nees zu Dikrich alles am Zeechen vum Sport steet.

D'„Nordstad Musek-, Konscht- an Danz atelieren“ sinn 2009 schon fir di 9. Kéier fir Jonker tëscht 12 an 18 Joer vun den Jugendkommissiounen aus der Nordstad an dem Service Régional vun der Nordstadjugend a.s.b.l. organiséiert ginn. Dëst Joer hu se vum 07-11. September

2009 an der Schierener Gemeng statt fonnt an di ronn 50 Jonker konnten sech 5 Deeg an verschiddene Workshop'en aschreiwven: Graffiti, Hip-Hop Danzen,

Backen a Kachen, Molen, Holzskulptur an Theater. Vun den Resultater vun den Workshopen konnten sech d'Gemengeverrieder vun der Nordstad, d'Elteren an d'Frënn vun de jonken Participant'en um Ofschlossowend iwwerzeegen. D'nächst Joer feieren d'MKD-Atelieren hiren 10. Gebuertsdag an wäerten an der lerpeldenger Gemeng stattfannen.

Ënnert engem neien Numm huet sech, deen bis elo bekannten „Newcomers on Stage“ presentéiert. „Soundscapes-Festival“ heescht säit dësem Joer de Festival dee vum Jugendhaus all Joer am Oktober organiséiert gëtt. Méi Gruppen a méi verschide Musek-Genren sollen nach méi e grouse Public uschwätzen. Ziel vun dësem Projet ass et, jonke Gruppen d'Méiglechkeet ze ginn, sech an engem professionellen Ëmfeld dem Public ze presentéieren an dobäi och nach eppes fir de gudden Zweck ze maachen. Den Erléis vum Joer 2009 geet un d'Associatioun „ZAK“, déi sech fir d'Integratioun vu geeschteg behënnerte Leit asetzt an deementspriedend Aktivitéiten ubidd. Als Headliner stoungen deen Owend „The Convertibles“ op der Bühn, als Support-Acts konnten eng ganz Rei jonk, ganz talentéiert Gruppen rekrutéiert ginn; Inborn, Le Cabaret Sauvage, The Disliked, Cold Crash, Golden Age, Lost in Pain an Cherry Tree. Mat schwaarz-wäiss Fotografien, vu berühmten Jazz-Museker, realiséiert vum Kënschtler Raymond Clement konnt d'Bühn an engem ganz besonneschen Charme dekoréiert ginn. Mat ronn 700 Visiteuren woren d'Organisateuren vun der éischter Editioun vum „Soundscapes-Festival“ méi wéi zefridden. Deen nächsten Datum steet dann och schon fest. Den 9. Oktober 2010 heescht et nees „Soundscapes-Festival“ zu Dikrich an der „Al Seeërei“.

Claude Nussbaum
Responsable vum
Nordstadjugendhaus Dikrich

Tessy Oth
Coordinatrice régionale
vun der Nordstadjugend a.s.b.l.

Victor Poos

Interview vum Robert Bohnert mam **Victor POOS**,
fréieren Direkter vum Kadaster a fréiere Buergermeeschter vun Dikrech

D *Wéi ech als Stater Jong hei op Dikrech komm sinn a gewuer gi sinn, datt de Victor Poos hei Buergermeeschter wäer, hunn ech ménger Mamm, déi vu Sténgfort gebierteg war, dat gesot, an dunn huet si mir geäntwert: „Ma dee kennen ech gutt, dat ass e Sténgforter Jong!“ Wéi kënnt et, datt Dir als Sténgforter Jong well esou laang hei zu Dikrech wunnst?*



De Buergermeeschter Poos am Dikricher Stadhaus

Jo, dat ass am Fong ganz komisch gaang. An dat kënnt duerch mäi Beruff. De Kadaster, d'Geometren woren deemols nom Krich nach privat. Si woren nach guer nit verstaatlecht a si nëmme bezuelt ginn vum Staat fir z'iwwer-schreiwven an de Bicher. Mee d'Moossereien woren nit verlaangt, an déi konnte privat gemaach ginn. Mir hunn zur Steierverwaltung gehéiert, a wéi ech an der Rundstedtoffensiv froe gaange sinn, fir eng Plaz ze kréien, do hunn se mir gesot: „Ma mir hu Geometre genucht!“ Well déi privat woren, wollten déi „keine fremden Götter neben sich haben“, an dunn hu mir zu e puer gekuckt, fir eens ze ginn. Mir sinn e Club fir äis ginn, dat huet „Service de la triangulation“ geheescht, a mir hunn opgemooss am Eislek, besonnesch Stroossen an Ortschaften, déi futti woren, fir Ëmgehungsstroossen ze

maachen, wa giff opgebaut ginn, an datt sollten Ënnerlagen do sinn. A well nach keng Chàmbre do war, huet deemols de Minister et fäerdeg krut, datt mir e beemol op eisem Gebai „Direction du Cadastre“ stoen haten, du ware mir d'Haaptleit!

Ma déi Zäit huet een nach mussen op der Aarbicht wunnen, a wann ech mol op Sténgfort komm sinn, wou vill Kommuniste woren, sinn ech oft gefrot ginn, wat ech dann eigentlech sou géif verdéngen, an dunn hunn ech gemierkt, datt se op der ARBED dräimol méi verdéngt hunn wéi ech. Ech hat 2.700 Frang de Mount, an doduerch hunn ech net bräichen an d'Krankekeess ze goen a konnt dat sou spueren.

Dunn ass awer Dikrech fräi ginn, an Dikrech war bei äis net déck cotéiert. Et huet keen vun deenen alen Geometren sech fir Dikrech interesséiert, an dunn hunn ech als Jéngsten mussen heihi kommen.

D *Wéini war dat?*

Datt muss 1948 gewiescht sinn. De Greisch war Buergermeeschter, a wéi ech mech wollt umelle goen, du hu se gesot, ech misst mol eng Demande man. Ech hu gesot, ma ech sinn heihinner versat gin. Iwwréngs huet een déi Zäit hei manner verdéngt wéi an der Stad, dat ass op d'Awunnerzuel gaang. Am Ufank hat ech et schwéier, well et huet ee keen Auto krut, a wéi ech en Auto hat, du krut een nëmme 40 Liter Benzin.

D *Vum Staat?*

Nee, déi een huet dierfe kafen, méi hat een net zegutt! Ech muss soen, et huet laang gedauert, bis een hei zu Dikrech richteg akzeptéiert ginn ass. Zu Sténgfort wor dat anescht, do hu si d'Leit gären opgeholl.

D *Wéi laang war Der dann zu Sténgfort?*

Ech sinn do gebuer.

D *A wéi enger Schoul war Der?*

An der Industrieschoul um Lampertsbiereg. 1939 hunn ech do de Premières-examen gemaach, just virum Krich. Ech war iwwréngs véier Jar laang an der Stater Boulette. Enn 1939 goug ech dann op de „Cours supérieur“, op d'Mathematikssektioun. Nom 10. Mee si mer awer net méi hanescht gaang. Ech wollt eigentlech Kondukter ginn.

Iwwert e Sténgforter sollt ech op Freiburg kommen, fir do ze studéieren. Déi haten awer nëmmen bis zum Viirdiplom, dann hätt ech musse changéieren. Du sinn ech vu mir aus op Karlsruhe gefuer, do konnt een alles man. Vun do aus sinn ech an d'onbesate Frankräich gefuer, mir woren zu véier. Den Ungeheuer huet äis nach iwwert d'Grenz gefouert, an de Leger (si si jo allen zwee spéider erschoss ginn), deen huet äis zu Longkech empfaangen. Dat war dunn awer d'Roud Kräiz, an sou si mer bis op Lyon komm, hunn eis do ugemellt, an dunn hu se äis agespaart! Ech hu mam Offizéier geschwat, well ech deenen en Deel Donnéeën konnt ginn iwwer Saachen, déi si interesséiert hunn. Do an deem Fort woren nure Polen a Lëtzebuerger, soss keen. „Fort Chapolis“ huet et geheescht.

An dunn hu mer eng Kéier owes d'Dréit all duerchgeschnidden, a mir sinn déi 20 Kilometer zu Fouss op Lyon gaangen. A well ech Pabeieren hat vun den Amerikaner, vu mengem Papp sänge Bridder, déi Auszeechnungen kritt haten, si mer do empfaange ginn, an sou hu mir e „Sauf-Conduit“ krut, dat heescht, du konnten se äis net méi verhaften, an du si mer bei d'Roud Kräiz komm. Mir hunn deene gesot, mir géingen gär an England, an du hu sie äis geäntwert: ma mellet iech dach an d'Friemelegioun! Do war awer nach den Darlan, an t' woren der, déi äis soten: „Gitt net dohin, well deen ass géint den de Gaulle, a wéi ee vun äise Kollegen ‚Vive de Gaulle, à bas Darlan!‘ geruff hat, du sutz e schons am Prisong!“

Fir duerch d'Pyrenäen hätte mer vill Suë gebraucht. Awer wéi se mech wollte

bezuelen fir déi Donnéeën, déi ech de Franzosen ginn hunn, sot ech, ech willt keng Suën, mee si sollte kucken, datt mir an England kimmen. Den Offizéier vum 2. Büro huet dorophinn Kontakt opgeholl mat äiser Regierung, méi déi hunn ze verstoë ginn, si wollten eis net. „Duerfir sätzt dir an d’Polen hei am Fort Chapolis, well mer net wëssen, wat mer solle mat iech maachen!“, huet den Offizéier behaupt. Ech hunn du proposéiert, d’Roud Kräiz aus der Schwäiz kommen ze loossen, an dunn ass och ee vun deenen Héijen an de Fort Chapolis komm, an en ass och bei mech komm, well ech deen eenzege war vun äis, deen do am Büro war vum Offizéier, deem vum „2^o bureau“, an ech hunn dunn alt erëm äis ganz Geschicht erzielt. Hien huet gemengt, mir wëllten äis virum Krich drécken, an du sot ech em awer: „Ma nee, t’ass just de Contraire, mir wëllen an England, an t’ass äis ze deier, mir hunn déi Suën net fir iwver ze goen.“ Du si mer awer do bliwwen a si hunn äis un d’Armée verwisen, an du hu mer mat fréieren Arméioffizéier Stroosse gebaut am Massif central, dat wor awer irgendwéi eng privat Entreprise.

D *Dat war jo dann nach an der fräier Zone?*

Jo, dat war am onbesate Frankräich, mee do si mer heiansdo méi schlëmm behandelt ginn wéi spéider bei de Präissen. Well wéi mer am Prisong waren, mir ware jo an de Prisong komm, well mer keng Openthaltsgenehmigung hatten, do hunn se äis näischt z’iessen ginn, d’Franzosen! T’war e Lëtzeburger do, deen huet äis heemlech Liewensmëttelmarke ginn. Mee wéi mer spéider bei enger Strooss als Terrassier geschafft hunn, hu mir gesot, hei bleiwe mir. Mir hunn an engem Haus gewunnt ouni Elektresch an ouni Toilette. An do hu mir äis dann zesumme gedo: ech hat Suën, een hat Liewensmëttelkaarten, deen aneren war an der Friemelegioun gewiescht, dee war mat alle Waassere gewäsch. Du si mer dann erëmmkomm, ganz komplizéiert, duerch d’Demarkatiounslinn, ech hunn d’Kaart gehat, a mir sinn do duerch d’Felder gelaaf, an zu Lyon si mer aus dem Zuch gesprong an ënnert den Zich erduerch geklomm, an sou si mer bis op Longkech komm. Ech konnt net zu Déifferdeng iwvert d’Grenz goen, mee ech hunn d’Grenz tëscht Sténgfort an Aarel kannt, mir hunn also mussen op Aarel kommen. Awer zu Longkech hunn se

mech gepléckt. D’Präissen hu mech erausgeholl, awer ee vun deenen aneren ass zrëckkomm an huet gesot, ech géif bei him zu Mont Saint-Martin schaffen, an du si mir op Aarel zu Fouss gaangen, an do si mer iwvert d’Grenz komm.

Wéi de Leger gewuer ginn ass, datt ech erëm doheem war, sot en, ech misst ënnerdauchen, ech kënnt net do bleiwwen. Ech sinn dunn an Däitschland gaang. Mäi beschte Frënd hat en Zëmmer zu Karlsruhe, wat e mir zur Verfügung gestallt huet, well hien ass op München als Gepäckdréier gaang, Karlsruhe wor eigentlech fir Lëtzeburger verbuede ginn. Ech konnt keng Suën vun doheem kréien, well ech hu jo misse verschwonn sinn. Dunn hunn ech dann d’Erdbebenwarte kritt. De Professor, eisen Direkter, war Eisträicher, an dee war Antinazi. Ech si wëssenschaftlechen Assistent ginn, ech hunn och Prüfungen afgehal, an do huet dann de Studentenführer, dee fir Architekt geléiert huet, mir gesot, e géif d’Prüfung matman. Ech wosst net, wat déi alles ze soën haten an hunn dem Direkter gesot, dee kënnte mer jiddfalls net duerchloossen, dee kënnt net genuch. Den Direkter sot, ech soll mer näischt siche goen. An du krut ech kuerz drop e Schreiwwes, ech misst „Studenteneinsatz“ maachen, an do stung drop „Ich melde mich freiwillig“. Ech sot zum Professor, dat giff net goën, datt misst duerchgestrach ginn. Mir sin dowéinst a wéinst dem Examen zesummekomm, an do war een dobäi, dee mer sot, ech sollt séngem Kolleg keng Schwierigkeeten man, hien kënnt mir och hëllef, vu wou ech da wäer. An dunn huet sech erausgestallt, datt dat de Gauleiter vu Lothringen war, dee Sträit mamm Simon hat. Deen huet mer e Pass verschafft, wou dra stung: „Der Besitzer dieses Passes besitzt nicht die deutsche Reichsangehörigkeit“, an du konnt ech rëm dorëmmer reesen.

An du wollt ech awer nach méi gescheit sinn, a méng Pabeieren vun der Wehrmacht, well ech jo do gemustert gi war, och kréien. Ech hunn d’Elsässer gefrot, firwat einzelner vun hinnen net agezu waren, an déi soten, dee Fall wir einfach. Et misst een e Meedchen vum Wehrbezirkskommando kennen, deem versprochen, et géif een et bestueden, an all Kéier, wann der agezu giffen, giff dat dann d’Kaart a séng Posch stiechen, an da wäer een net derbäi! An dunn hat ech dann och e béng Kéier sou eent fonnt, deem ech zwar gesot hat, ech

kënnt mech net mat him bestueden, mee dat mer dat awer wollt an d’Rei man, an dunn erausfonnt huet, datt meng Kaart zu Lëtzebuerg wäer. Wéi ech dunn op Lëtzebuerg geschriwwen hunn, fir datt se d’Kaart géife schécken, hunn déi gemierkt, datt ech vergiess gi war. Déi dräi éischte Kéieren, wou ech geruff gi war fir an den Arbeitsdienst, sinn ech einfach net gaangen. Ganz am Ufank ware mir eng Kéier zu Lëtzebuerg gemustert ginn, an duerfir ware méng Pabeieren do. An allem Fall hate se elo erausfonnt, datt ech net agezu gi war, an dräi Deeg drop hat ech e Stellungsbefehl op Berlin! Nom Krich hunn d’Gendarmen mer e Schreiwwes gewisen, wou dra stung, ech wäer nach zevill vun doheem beaflosst, duerfir kéim ech op Berlin. Dat kout wéinst enger Klepperei, wou ee behaupt hat, ech hätt him d’VDB-Spéngel erafgerapp.

D *Wéi laang war Dir dann agezunn? A wou?*

Berlin, Pommern, Griechenland, Russland. Bei d’Russen iwverlaafen, hätt ech och alt d’Geléeenheet gehat, ech hunn awer drop verzicht, a vill vun deenen, déi zu Tambow am Lager waren, sote mer spéider, dat wäer schrécklech gewiescht.

Ech war iwvrégens ee vun deenen Eenzegen, déi de Führerschäin hatten a sinn oft als Chauffeur agesat ginn.

An der Ukraine hunn ech d’Ruhr kritt. Mat der Ruhr luech ech an engem Lazarett, wann een dat sou nenne kann, an ech konnt t’éischt keen Dokter fannen, an du sin ech op ee gestouss, deen och Antinazi war. Ech war bei der 13. Kompanie, also dat ass e Bataillon, do waren d’Funker, an déi mat de klenge Kanounen an d’Granatwerfer. Do war ech och dann dobäi. An do mat der Ruhr ass mäi ganzt Bataillon operiwwe gin, an du sinn ech an eng „Genesungskompanie“ komm. Nach eng Anekdot aus dem Fënnef-Sous-Lazarett: Mir war et schlecht, an ech sinn duerch de Gank komm an hunn héiere Waasser lafen an hunn e Buedzëmmer fonnt mat enger Buedbitten, déi hallef voll Waasser war. Ech hunn d’Hiem ausgedon a mech an t’Waasser geluecht, an ech luech kaum dran, du kout en Offizéier mat sénger Frëndin fir ze bueden. Dunn hunn ech musse mat engem klenge Gefäss d’Waasser ausscheffen an dräi Stäck afdron! Dat ass déi eenzeg Kéier, wou ech gekrach hunn.



Ech hat och eng Kéier mä Gewier ewechgehait, den Helm afdon: Mir sinn 70 Kilometer zu Fouss beim Réckzuch a 24 Stonne gaang, an dann hu se mir gewéinlech d’Plaque vun deem 8-Zentimeter Granatwerfer ze droë ginn, déi huet 20 Kilo gewiën, an déi huet dann sou gewackelt! Ech war do um Enn a sot: „De Krich ass eriwwer!“ Ech hat d’Chance, do en Offizéier ze hunn, deen et gutt mat mir geméngt huet. En huet mech och gebraucht: fir sech mat e puer Kanounen anzeschéissen war Trigonometrie gefrot, hie war Schneider vu Beruf an ass mat deem Gerechens net sou eens ginn.

Wann de Generol komm ass, dee kout zu Päerd, dann huet en dem Zaldot, dee säi Päerd ugehal huet, ëmmer Froe gestallt, fit ze kucken, wat se geléiert hatten. Dat hei war een, deen zu Verdun war a säi Päerd sou genannt hat. Wéi ech gemellt hunn: „Grenadier Poos mit Pferd Verdun angetreten“, huet hie geäntwert: „Das heisst nicht Verdun, das können Sie auch nicht wissen, das heisst Verdéng“. D’Päerd hunn ëmmer mussen ugehal ginn, wa bombardéiert

Mäi Papp wor Passeur am Krich, mir wossten näischt doheem dovun. De Vic Delcourt huet doriwver geschriwwen, meng Schwëster huet den Eed verweigert, vill Sténgforter woren am Krich staark engagéiert, an et gouf och doriwver geschriwwen.

D *Et gouf awer nach eng Etapp an der Rundstedtoffensiv, wou Der bei den Amerikaner gehollef hutt?*

Mir luchen mat den Amerikaner zu Consdorf, an du mueres, wéi mer eis Patrull gemaach hunn duerch de Mëllerdall, hunn ech direkt gesot: „Et klappt eppes nit.“ Wéi mer gesinn hunn, datt se sech mat de Granatwerfer opp äis ageschoss hunn, si mir fortgelaf. D’Amerikaner hunn ëmmer gesot, dat wäeren alles nëmme Gerüchter, mee lo hunn se gesinn, datt dat giff stëmme, datt d’Präissen net méi wäit ewech waren, well op dem Balkon ass e béng Kéier eng Granat explodéiert. An dunn hu mer de Coffrefort mat de Nimm stoë gelooss, vun de Leit, déi sollte verhaft ginn, zu Lëtzebuerg oder an Däitschland. Mir hatten sou e klenge Coffrefort, 2 Leit hun e gepackt. A wéi mir an der Stad waren, du hunn d’Offizéier es aal kritt, an du sot äise Chef, hien misst dee Coffrefort siche goën, En huet een nom aneren vun den Amerikaner gefrot, an déi soten alleguer, dat géif se net interesséieren, an dunn hunn ech gesot, ech géif mat him fieren, an dat huet dee mer schrécklech héich ugerechent. Du war ech ëmmer säin Dolmetscher, an duerfir wollten se mech eigentlech halen fir dem Eisenhower säi perséinlech Team.

Deemols sin ech oft mat mengem Chef laansch Front komm, ouni richtege ze wëssen. wou déi eng an déi aneren waren. Et ass alt mol viirkomm, datt hien mech d’Passwuert gefrot huet an ech geäntwert hunn, ech wosst nuren dat vum Dach virdrun, mee hien misst jo dat richtege kennen! Och do géif et eng Hellewull Anekdoten ze erziele ginn, mee dat géif lo ze wäit féieren.

D *Wéi kout et, datt Der lech an der Dikreicher Gemengepolitik engagiert hutt?*

An d’Dikricher Gemengepolitik sinn ech erakomm duerch Molitor’s Ben. Den Hierziger waar gestuerwen, dee war Sekretär beim Distriktskommisär gewiescht, an dunn hu se mech gefrot, a wéi ech higaange sinn fir neen ze soen, du sot de Ben, wann ech souwisou net

ginn ass, an déi, déi sech ëm se gekëmmert hunn, konnt net an de Gruew sprangen. Déi dräi aner Lëtzeburger, déi bei äis waren, an déi bei de Päerd waren, sinn allen dräi ëmmkomm.

D *Dir sitt zum Schluss net méi zrëck gefuer a Russland. Wéi war dat?*

Dat war geféierlech. Ech ginn op den Zuch vu Sténgfort fort op Klengbetten. Den Zuch, dee vun Aarel komm ass, hat Verspéidung. Ech hat zu Lëtzebuerg ongeféier 20 Minuten, an do ass meng Schwëster an nach en aneren mat méngem Velo komm, an du sollte mer bei Leit goen, wou ech d’Uniform ausgedo hätt, an do sollt ech mamm Velo op Reiland fieren an do op der Reilenger Millen verstoppt ginn. An dunn hat den Zuch aus der Belsch esou vill Verspéidung gehat, datt d’Feldgendarmerie mech net méi zu Lëtzebuerg wollt erausloossen. Awer schlussendlech kumm ech eraus, well ech gesot hunn, ech géif just an d’Soldatenheim Zigarette kafe goen. Dat ass duergang, fortzekommen. Ennerwee op Reiland si mer ugehal gin, an dunn huet mäi Pass „besitzt nicht die deutsche Reichsangehörigkeit“ mech rëm eng Kéier gerett.

Wéi ech heem komm war op Sténgfort, hat meng Mamm mer gesot: „De Bopa läit uewenopp, en ass amgang ze stierwen, e kennt kee méi.“ Wéi ech du bei e gang sinn, huet e mech rëmkannt a gesot: „Ech hunn op dech gewaard.“ Dat ass u mech gaang, an duerfir sinn ech och mat op säi Begriewnëss gaang, ier ech mech verstoppt hunn.



Certificat fir d'Déngschter vum Victor Poos am U.S. Army Counter Intelligence Corps vum 3. Oktober 1944 bis zum 2. Juni 1945

wëllt drakommen, kënnst ech jo roueg déi éischte Kéier matgoën. Du sinn ech de Séchsten oder de Siewenten ginn, déi zweete Kéier den Drëtten, an déi 3. Kéier hat ech déi meeschte Stëmme. 1970 sinn ech Buergermeeschter ginn. Dikrich war deemols déi eenzeg Proporzgemeng, déi d'CSV hat, duerfir war ech an alle Kommissiounen an der Partei. De Cravatte hat mech, wéi hien Buergermeeschter war, schons eng Kéier gefrot fir Scheffen, mee deemols hat meng Partei dat refuséiert.

D *Wat schéngt lech wichteg aus de Joren vun Ärer Buergermeeschterei?*

T'war nach keng Morgue zu Dikrich. Ech hunn se zwar net ageweit, hunn awer erreecht, datt se gestëmmt gouf. De Fitness-Parcours do uewen war zwar guer net meng Iddi, ma ech hunn se awer exekutiere gelooss an ageweit a mech an enger Dageszeitung schleefe gelooss als Naturversandler. An der Sauerwiss hat den Syndikat Pläng fir eng Piscine an e Camping. D'Piscine koum jo awer dunn an déi spéider Rue Merten, wou duerno och de Neie Kolléisich an d'Sportshal koumen (do sollt ursprüngelech eng Entlaaschtungsstroos gebaut ginn). Ech wollt e Wunnvéierel an der Sauerwiss man fir 500 Awunner. D'Eisebunnsbréck hu mer ofgerappt, do kumm dann d'Hängebréck, déi e Journalist, dee mech zimmlech regelméisseg ugegraff huet, als „Ficelles-bréck“ afgestempelt hat. Eigentlech wor se fir d'Studenten an d'Professeren geduecht, fir téschent deenen zwee Kolléisichsgebaier hin an hir ze goën, an

duerfir sollt do ronderëm ursprüngelech net gebaut ginn, dat ass spéider anescht komm. Mee t'war schons eppes Modernes, déi Bréck. D'Sauerwisschoul ass enstan, well mer et fäerdeg bruecht hunn, datt d'Propriétaires de Maximum vu 25%, dee viirgesi wor, afgetratt hunn fir d'Schoul a fir d'Wéer. Dat war eng formidabel Saach, an ech bedauern et, datt esou e Komitee fir d'Sauerwiss, wéi mir e gemaach haten, net viru bestan huet. D'Sauerwiss sollt e Ganzt ginn, net nëmmen eng Strooss, an si sollt och am Bierg virugoën. De Remémberment ass nuets ëm 2 Auer fäerdeg ënnerschriwwen ginn. Do waren am leschte Moment nach Sträidereien opkomm, a wann eng Ënnerschrëft gefeelt hätt, hätte mer et net kënnen exekutieren. Dee Leschten huet mech nuets d'Gemeng opsperre gelooss, fir z'ënnerschriwwen!

Ech hunn deemols och en zousätzlecht Tennisfeld baue gelooss. Dann hu mer d'Aussiedlung vun zwee Baurebetriber a vun dem Goudrongschantier arrangéiert. D'Commercial Hydraulics gouf vergréisstert zur Eisebunnsäit zou, de SIDEC as gegrënnt ginn, an do blouw ech bis 1975 Präsident. D'Wirtgenschlass wollt mer ofrappen an nei opbauen, duerzou kumm et awer du net.

D *Wisou hutt Der 1974 demissionéiert als Buergermeeschter?*

Ech war schons virun ingénieur principal am Kadaster an der Stad. Ech wollt mä Beruff net opginn a wollt an der Verwaltung virukommen. Ech gouf jo dunn och Direkter vun déer Verwaltung, wat ech 7 Jar laang war. Rieden halen war ni méng Stärkt, an dat politesch Geschäft hat och séng Mucken. „Zu Dikrech ass eng Bomm geplatzt“, hu se mueres am Radio gesot. Ech hat méng Demissioun direkt un de Minister geschriwwen a selwer d'Press avertéiert.

Am Kadaster selwer hunn ech mech spéider besonnesch och fir déi nei Grenzvermoossung agesat, an do hate mer ganz flotte Kontakt mat eisen däitsche Kollegen.

D *Dir hätt nach esou vill ze zielen, mee ech méngen, mir missten hei ophalen. Ech soen lech villmol Merci fir dëst sympatescht Gespéich.*



Fest fir 30 Jar Quartier Sauerwiss am Juni 2000



Deutsch-luxemburgische Grenzvermessung



Deutsch-luxemburgischer Grenzvertrag



Chères Diekirchoises, Chers Diekirchois,

Léif Dikricher,

L'année 2010 est pour notre ville celle de son 750^e anniversaire et pour commencer les festivités nous vous invitons tous à venir boire avec nous

2010 feiert d'Stad Dikrich 750 Joer a fir d'Festivitéiten anzelauden invitéiere mir lech op

**le pot de l'an nouveau
vendredi, le 01.01.2010
dans les locaux de la « Al Seeërei »**

**de Neijorspatt
Freides, den 01.01.2010
an der „Aler Seeërei“**

De 18h00–20h00, l'Administration communale de Diekirch offre la coupe de crémant et des « gadgets 750 » à tous les invités et présentera le logo 750.

Vun 18.00–20.00 Auer offrëiert di Dikricher Gemeng d'Coupe Crémant, verdeelt gratis „Gadgets 750“ un all Inviteeën a stellt de Logo 750 vir.

À partir de 20h00 la fête continue avec l'« Orchestre 2000 Volt » et l'équipe du CHEV « Celtic » et « Handball » s'occupera du bar et de la petite restauration.

Ab 20.00 Auer spillt den „Orchester 2000 Volt“ an d'Equipe vum CHEV „Celtic“ an „Handball“ mecht de Bar op a kemmert sech em di kleng Restauratioun.

Bonnes fêtes de fin d'année et nos meilleurs vœux de bonheur, de succès et de santé pour 2010!

Schéi Feierdeeg vill Gléck an eng gutt Gesondheet fir 2010!

► L'Administration communale, le CHEV « Celtic » et « Handball » et le Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la ville de Diekirch

► D'Gemeng, de CHEV „Celtic“ an „Handball“ an de Syndicat d'Initiative vun Dikrich

Centre de Joga Diekirch

Cours 2009/2010

Les cours sous la direction du professeur Jean Joris auront lieu à Diekirch :

- **Mercredi**
10h00–11h00
Salle des arts martiaux,
avenue de la Gare
- 18h00–19h00**
Salle de gymnastique Scala,
rue Jean l'Aveugle

1.Session	2.Session	3.Session
16 septembre	6 janvier	28 avril
23 septembre	13 janvier	5 mai
30 septembre	20 janvier	12 mai
7 octobre	27 janvier	19 mai
14 octobre	3 février	2 juin
21 octobre	10 février	9 juin
28 oct	24 février	16 juin
13 novembre	3 mars	30 juin
18 novembre	10 mars	7 juillet
25 novembre	17 mars	
2 décembre	24 mars	
9 décembre	31 mars	
16 décembre	21 avril	
13 cours	13 cours	9 cours

Pour l'année 2009 – 2010 le prix des cours reste inchangé. Le paiement se fait au début de chaque session et constitue un forfait.

Pour tout autre renseignement :
Mme Jetty Thill,
Tél.: 83 42 17

Programme du CDAC

Ciné Club et séances spéciales au Ciné SCALA / 31, rue Jean l'Aveugle

07 & 08 décembre 2009
20h00




AMERRIKA
Canada, USA, Kuwait
2007
Comédie dramatique
Réalisateur:
Cherien Dabis
92 min - VO st. fr./nl.

14 & 15 décembre 2009
20h00



PARTIR
France 2009
Drame
Réalisateur:
Catherine Corsini
85 min - VO française

21 & 22 décembre 2009
20h00



EASY VIRTUE
UK 2009
Romance
Réalisateur:
Stephan Elliott
96 min - VO st. fr./nl.

28 & 29 décembre 2009
20h00



DISGRACE
USA 2009
Drame
Réalisateur:
Steve Jacobs,
Anna-Maria Monticelli
120 min - VO st. fr./nl.

04 & 05 janvier 2010
20h00



DER LETZTE APPLAUS
Japon, Argentine,
Allemagne
Documentaire, Musical
Réalisateur:
German Kral
88 min - VO allemande

11 & 12 janvier 2010
20h00



JOUeuse
France 2009
Drame
Réalisateur:
Caroline Bottaro
100 min - VO française

18 & 19 janvier 2010
20h00



TAKING WOODSTOCK
USA 2009
Comédie dramatique
Réalisateur:
Ang Lee
120 min - VO st. fr./nl.

25 & 26 janvier 2010
20h00



TOWELHEAD
USA 2009
Drame
Réalisateur:
Alan Ball
124 min - VO st. fr./nl.

01 & 02 février 2010
20h00



STURM
Allemagne, Danmark,
Pays-Bas 2009
Drame
Réalisateur:
Hans-Christian Schmid
103 min - VO allemande

08 & 09 février 2010
20h00

LE HERRISSON
France 2009
Comédie dramatique
Réalisateur:
Mona Achache
100 min - VO française

La Journée nationale de la Police Grand-Ducale
se tiendra à Diekirch le dimanche 4 juillet 2010

Exploration du monde

au Ciné SCALA / 31, rue Jean l'Aveugle



20 janvier 2010
20h15

**Sur la route de Compostelle,
l'enfant du chemin**
par Jean-François Castell

Hiver 2004 : 1.600 kilomètres à pied au
chaud dans le ventre de sa maman.
Été 2005 : 900 kilomètres à dos d'âne.

C'est l'étonnant voyage d'Ondine,
la petite fille du chemin, en route vers
Saint-Jacques avec sa tribu d'humains
et d'animaux. De Bretagne jusqu'en
Espagne, des bords de Loire aux plages
de Galice, « L'enfant du chemin » goûte
et découvre la vie.

Au fil des rencontres, des chansons
et des paysages, ce road-movie familial
tout en tendresse et en profondeur nous
livre une chronique du chemin de
Compostelle à la fois intime et univer-
selle qui invite à tous les voyages...

« L'enfant du chemin » a été présenté
dans de nombreux festivals en France
et à l'étranger. Il a obtenu en août 2008,
le prix spécial du jury du Inkafest
Mountain Film (Pérou).



17 mars 2010
20h15

Nouvelle-Zélande le bout du monde
par Serge Oliero

La Nouvelle-Zélande, cette singulière
terre du bout du monde, est souvent
associée au cliché d'une multitude de
moutons paissant sereinement sur fond
de prairies vertes et tendres. Afin
d'élargir cette image d'Épinal, Serge
Oliero s'attache tout particulièrement
à montrer cette terre de contrastes qui
renferme quelques-uns des paysages
les plus sauvages au monde.

Rien n'échappe au regard aiguisé de
l'auteur qui guide le spectateur dans
des lieux célèbres, témoins de la beauté
naturelle d'une contrée lointaine.

On croise l'ombre des derniers dinosaures
dans ces somptueuses forêts
préhistoriques vieilles de 100 millions
d'années qui recèlent encore une faune
et une flore endémiques. Ces forêts
côtoient des volcans actifs avec, à leurs
pieds (comme à Rotorua) des geysers
mugissants.

Située au centre de la ceinture de feu,
la Nouvelle-Zélande est un pays jeune
en constante évolution.

Serge Oliero dévoile les Alpes du sud
aux nombreux glaciers se mourant dans
des fjords d'une beauté violente et
pastorale. Dauphins, baleines et lions
de mer sont les gardiens de cet univers
digne du seigneur des anneaux.

Exploration
du Monde

Calendrier des déchets

provenant des menages / Haushaltsmüllabfuhr > 2010

Valable pour la commune Diekirch / Gültig für die Gemeinde Diekirch

	Poubelles Müllkübel	Déchets encombrants Sperrmüll	Vieux papiers, cartons Altpapier, Kartonagen	Télé, frigos, ferraille Fernseher, Eisenschrott	PMC VALORLUX	Superdrecks-këscht fir Bürger
	I	II	III	IV	V	VI
Janvier	2-8-15-22-29	16	26	14	6-20	/
Février	5-12-19-26	/	23	18	3-17	16*
Mars	5-12-19-26	/	23	18 (Grünschnitt)	3-17-31	/
Avril	2-9**-16-23-30	17	27	15	14-28	/
Mai	7-14-21-28	/	25	20	12-26	21*
Juin	4-11-18-25	/	22	17	9-24	/
Juillet	2-9-16-23-30	17	27	15 (Grünschnitt)	7-21	/
Août	6-13-20-27	/	24	19	4-18	12*
Septembre	3-10-17-24	/	28	16	1-15-29	/
Octobre	1-8-15-22-29	16	26	14 (Grünschnitt)	13-27	/
Novembre	5-12-19-26	/	23	18	10-24	9*
Décembre	3-10-17-24-31	/	28	16	8-22	/
	les vendredis Freitags	4 x par an 4 x pro Jahr 40€ / m ³	le 4 ^e mardi 4 ^{ter} Dienstag	le 3 ^e jeudi 3 ^{ter} Donnerstag		4 x par an 4 x pro Jahr

Bitte Sperrmüll und PMG-VALORLUX am Vorabend vor die Tür stellen.

Wichtig!

Betrifft nur Sperrmüll, Kühlschränke, Fernseher und Schrott!

Abnahme nur auf telefonische Anfrage
3 Tage im Voraus beim:

Service Technique Municipal
T. 80 87 80 - 401
(nur morgens)

Prière de mettre les déchets encombrants et PMC-VALORLUX la veille devant la porte.

Important!

Concerne uniquement les déchets encombrants, télévisions, frigos et ferraille!

Enlèvement uniquement sur demande téléphonique 3 jours à l'avance au :

Service Technique Municipal
T. 80 87 80 - 401
(uniquement le matin)

* SuperDrecksKëscht

Lieu/Standort:
9.00–11.00 Parking Piscine/
Schwimmbad
9.00–17.00 Parking Al Seeërei
NOUVEAU/NEU 12.00–14.00 Église
décanale/Kirche

** Grand Ramassage de vieux vêtements:

Vendredi 9 avril
Altkleidersammlung: Freitag 9. April

**D'Equipe vum Däiwelselter
wënscht alle Lieserinnen a Lieser
ganz sching Chrëstdeeg an e gudde
Rutsch an d'Jar 2010!**

Opruff un d'Veräiner

D'Redaktiounsequipe vum Däiwelselter bidd d'Veräiner, déi eng Manifestatioun ukënnige wëllen, hir dat sou fréi wéi méiglech matzedeelen op daiwelselter@diekirch.lu
Mir freeën eis och doriwwer Detailler a Fotoen vun traditionellen Evenementer, wéi Fester, Theaterowender, Konferenzen, asw. zur Zäit an Erënnerung ruffen ze kënnen.

Mir soë scho Merci am Virus



www.diekirch.lu

